ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
09 MARS 2015
872

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2015

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Infrastrukturen an un de Här Premierminister weiderzeleeden.

*Am Januar 2002 ass d'Spezialkommissioun fir d'Studien iwwert d'Spoliatioun vu jiddesche Gidder zu Lëtzebuerg an de Krichsjoeren 1940 – 1945 (Commission spéciale pour l'étude des spoliations des biens juifs au Luxembourg pendant les années de guerre 1940-1945) eng éischter Kéier zesumme komm. Den 19. Juni 2009 huet des Spezialkommissioun hire Rapport de Regierung iwwerreecht. Zanterhier ass op dësem Dossier kee Fortschrëtt méi ze erkennen.*

*Dowéinst wéilt ech Här Premierminister dës Froe stellen:*

1. *Hunn déi successiv d'Regierungen zanter dem Juni 2009 Konklusiounen aus dësem Rapport gezunn, an dës z.B. an engem Regierungsrot festgehale ginn ?*
2. *Sinn, op Basis vum dem Rapport, konkret Schrëtt ageleet ginn? Sinn, z.B., geschiedegt Bierger op Grond vun neien Erkenntnisser entschiedegt ginn ?*
3. *Wann d'Äntwert op déi zwou éischt Froe negativ wären, denkt déi aktuell Regierung drun, Konklusiounen a konkret Schrëtt aus dem Rapport vun der Spezialkommissioun fir d'Studien iwwert d'Spoliatioun vu jiddesche Gidder zu Lëtzebuerg ze verbanne mat de Suite aus dem aktuelle Rapport iwwert de Rôle vun der Verwaltungskommissioun während dem zweete Weltkrich („Rapport Artuso") ?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

30.45.15.

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
03 AVR. 2015

Monsieur
Fernand ETGEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Luxembourg, le -2. 04. 15

Objet : Réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État à la question parlementaire N° 972 du 9 mars 2015 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER concernant le rapport de la commission spéciale pour l'étude des spoliations des biens juifs au Luxembourg pendant les années de guerre 1940-1945.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous envoyer en annexe la réponse à la question parlementaire N° 972 du 9 mars 2015 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER. La version électronique a été transmise à vos services par voie de courriel.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

| Le Ministre aux Relations avec le Parlement SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION | |
|---|---|
| Reg.: | SCL: |
| Entré le: -3 AVR. 2015 | |
| CE: | CHD: |
| A traiter par: | |
| Copie à: | |

Le Premier Ministre
Ministre d'État

4, rue de la Congrégation
L-2910 Luxembourg
Tél. (+352) 2478-2478
Fax (+352) 46 17 20
ministere.etat@me.etat.lu
www.gouvernement.lu
www.etat.lu

123-000013-20040525-FR

**Äntwert vum Premier- a Statsminister**
**op d'parlamentaresch Ufro N° 972 vum Här Fernand KARTHEISER.**

Den Députéierte stellt verschidde Froen am Zesummenhang mat de Recommandatioune vum Rapport vun der Spezialkommissioun iwwert d'Spoliatioun vu jiddesche Gidder zu Lëtzebuerg an de Krichsjoeren 1940-1945, deen 2009 virgeluet gouf.

De Rapport mecht effektiv eng Rei Recommandatiounen un d'Regierung, vun denen eenzelner méi immédiat sinn, anerer méi à long terme geduecht sinn.

Wann de Rapport och nach net a gedréckter Form virleit, wat eng vun de Recommandatioune war, sou ass en awer um Internet zënter 2009 ze fannen. Eng Publikatioun ass iwrigens och virgesinn.

Zënter dem Oofschloss vun den Aarbechte vun der Spezialkommissioun goufen et regelméisseg Kontakter tëschend dem Statsministär an dem Consistoire. Bei dëse Kontakter ass iwwert d'Konklusioune vun dem Rapport an hir Ëmsetzung berode ginn.

Ufank September 2013 war eng Réunioun tëschend dem deemolege Premierminister a Vertrieder vum Consistoire an där konkret Moossnahme festgehale goufen, déi e Schwéierpunkt op d'Mémoire leeën. Den Députéierte Ben Fayot ass duerno beoptragt gi fir e Rapport zu der Créatioun vun enger Fondation de la Mémoire de la Shoah auszeschaffe, Rapport, deen hien am Fréijoer 2014 virgeluet huet.

Duerno huet d'Regierung sech konkret mat der Ëmsetzung vu verschiddene Moossnahmen befaasst.

Sou soll effektiv eng Fondation de la Mémoire de la Shoah op d'Been gestallt ginn. Si wäert ënner anerem aus dem Geld, wat op de sougenanntene Comptes dormants leit, a wat net vun Ierwe reklaméiert gëtt, gespeist ginn. Iwwert dës comptes dormants gëtt momentan e Rapport geschriwwen.

Aktuell ass een Aarbechtsgrupp, deen aus Vertrieder vum Statsministär an dem Consistoire zesumme gesat ass, chargéiert, d'Statuten an d'Missioune vun dëser Fondatioun auszeschaffen.

Och wäert e Monument fir d'Affer vun der Shoah opgeriicht ginn. D'Kontakter mam jiddesche Kënschtler, deen déi Skulptur soll schafe, sinn opgeholl, an de Kënschtler wäert an deenen näechste Wochen op Lëtzebuerg komme fir sech e Bild ze maache wéi déi Skulptur kann op der Plaz intégréiert gi wou si hikomme soll.

Den Députéierte freet ob, op Basis vun dem Rapport, geschiedegt Bierger op Grond vun neien Erkenntnisser entschiedegt goufen. Dat ass net de Fall.

Wat déi drëtt Fro vum Députéierten ubelaangt, wëll ech hien informéieren, datt d'Regierung de „Rapport Artuso" zur Kenntnis geholl huet an datt si hier Konklusiounen doraus wäert zéie bei der Konsultatiounsdebatte, déi momentan vun der Chamber préparéiert gëtt.